Eng eenheetlech Ausbildung fir d'Enseignanten!

De September 2023 leeft déi éischt Quereinsteigermesure, déi viru 5 Joer agefouert gouf, aus. Wëll awer nach ëmmer e massive Bedarf u qualifizéiertem Léierpersonal an eise Schoulen herrscht an den Educatiounsminster et verpasst huet, déi lescht Joeren ze notzen, fir den aktuelle Studium fir Enseignant ze ginn ze iwwerdenken an de Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter méi attraktiv ze maachen, huet den Educatiounsministère kierzlech eng 2. Oplag vun enger ofgeännerter Quereinsteigermesure presentéiert. De „Quereinstieg" soll dës Kéier net méi direkt an de Beruff féieren, mee d'Detenteure vun engem Bachelordiplom, deen am Zesummenhang mat der Schoul steet, solle vum nächste Schouljoer un d'Méiglechkeet kréien, en eejäerege Studium vu 60 ECTS-Punkten an der Pädagogik souwéi an der Didaktik op der Uni.lu ze absolvéieren. Dëse Studiegang soll mat engem "Bachelor en Formation pédagogique" ofschléissen. Zu dësem Studiegang ass ze bemierken, dass d'Kandidate ganz ënnerschiddlech Profiller a Viraussetzunge matbréngen an et an den Ae vum SNE/CGFP sécherlech ganz schwéier wäert ginn, déi verschidden Ausgangsviraussetzungen op ee Nenner ze bréngen an de Studiegang ze organiséieren. Deen Diplom géif den Absolventen dann Zougang zum Schoulmeeschteschconcours fir d'Zyklen 2 bis 4 ginn. Dee Moment wäre si de Studenten, déi e Bachelorstudiegang an Erzéiungswëssenschafte vun 240 ECTS-Punkten op der Uni Lëtzebuerg mat Erfolleg ofgeschloss hunn, gläichgestallt, ausser dass si sech net dem Concours vum Zykel 1 stelle kënnen.

Et sollen also an Zukunft zwee verschidde Weeër méiglech si fir Enseignant am Enseignement fondamental oder an der Voie de Préparation vum ESG ze ginn:

- e Studiegang vun 240 ECTS-Punkten (am Prinzip 4 Joer) an den Erzéiungswëssenschaften op der Uni Lëtzebuerg mat 30 Woche Stage um Terrain;
- e Bachelorstudium an engem Fach a Relatioun mat der Schoul (normalerweis 180 ECTS-Punkten) an duerno e Pädagogikstudium vu 60 ECTS-Punkten op der Uni Lëtzebuerg (am Prinzip 3 + 1 Joer).

Mee vergläiche mir elo emol déi zwee Weeër mateneen.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu

Firwat soll e Jonke sech vun Ufank un an e Studiegang an den Erzéiungswëssenschaften aschreiwen, wann hien och no engem Bachelor an engem Fach, dat a Relatioun mat der Schoul steet an no engem “Crashstudium“ an den Erzéiungswëssenschaften, de Schoulmeeschteschberuff ergräife kann?

Den SNE/CGFP gëtt ze bedenken, dass den Diplom vum Bachelor an Erzéiungswëssenschaften eng Einbahnstrooss ass, déi just an de Schoulmeeschteschberuff féiert. Am Géigesaz dozou léisst engem deen anere Wee eng vill méi grouss Palett u Méiglechkeeten. De Minister Meisch selwer hieft dëse Virdeel ervir andeems e seet, dass déi jonk Leit mat 18 Joer dacks nach net wëssen, wat si genee studéiere wëllen an dass den zweete Wee hinnen herno vill Optioune gëtt.

Den SNE/CGFP warnt virun der Gefor, dass sech vill manner Kandidate vun Ufank un an de reguläre Studiegang an den Erzéiungswëssenschaften aschreiwe wäerten, well hinnen dee neie Wee vill méi Méiglechkeete fir déi spéider berufflech Carrière léisst.

An dat kann et net sinn!

De Fait, dass et elo zwee Studiegäng fir de Beruff vum Schoulmeeschter solle ginn, woubäi dee vum Educatiounsminister proposéierten, neie Wee fir de jonke Mënsch eng Rei Virdeeler géintiwwer dem regulärem Studium an den Erzéiungswëssenschaften huet, ass fir den SNE/CGFP net akzeptabel.

Fir den SNE/CGFP geet dës Mesure an déi falsch Richtung fir där ëmmer méi usprochsvoller an erausfuerderender Tâche vum Enseignant kënne gerecht ze ginn. Den SNE/CGFP fuerdert dofir eng eenheetlech a qualitativ héichwäerteg Ausbildung fir d‘Enseignanten aus dem Enseignement fondamental an der Voie de préparation aus dem ESG.

Matgedeelt vum SNE/CGFP den 10. Mäerz 2023

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu